N°7082
Entrée le 27.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 27.10.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/10/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

D'Nationalstrooss 5, och Route de Longwy genannt, ass eng vill befuere Strooss, déi vu Käerjeng un queesch duerch d'Gemeng Péiteng verleeft, bis erop op den Dräilännereck zu Rodange. D'Lonkecher Strooss ass bekannt dofir, eng Transitstrooss fir de Verkéier ze sinn. Grad zu Spëtzestonne benotze vill Autosfuerer dës Strooss als Ausweechstrooss, fir net mussen iwwert d'Avenue de l'Europe (Collectrice) ze fueren. Dëst huet zur Konsequenz, dass d'Verkéierssituatioun op verschiddene Plaze laanscht d'N5 méi dicht ass. Op verschiddene Plazen, sou zum Beispill bei der Porte de Lamadelaine, entstinn dobäi richteg geféierlech Plazen, well hei eng grouss Unzuel u Foussgänger (zum Beispill Schüler, déi an de Lycée ginn) mat der grousser Unzuel un Autoen openeen treffen. Op dëser Plaz ass keng Verkéiersberouegung virgesinn, soudass et oft virkënnt, dass Autoe mat ze héijer Geschwindegkeet hei laanschtfueren, wat eng Gefor fir d'Passanten ass. Dee selwechten Zenario spillt sech op anere Plazen of an impaktéiert d'Liewensqualitéit an den Uertschaften, déi d'Strooss passéiert, staark.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. De Schäfferot vu Péiteng huet an enger Äntwert vum 26ten Oktober op meng Fro vum Gemengerot geäntwert, dass ee mat der Stroossebauverwaltung wéilt analyséieren, wéi een d'Situatioun kéint verbesseren. Ass d'Gemeng wéinst dëser Problematik schonns un de Mobilitéitsminister erugetrueden?

2. Wéi wëll de Mobilitéitsminister verkéierstechnesch dofir suergen, fir den Trafic vun der Route de Longwy ewechzekréien an op d'Avenue de l'Europe ëmzeleeden?

3. Wéi géif eng Ënnerféierung (Tunnel) ënnert dem Rond-point beim Lycée Mathias Adam d'Traficsituatioun op der N5 beanträchtegen?

4. Ass de Mobilitéitsminister gewëllt, fir d'Maximalgeschwindegkeet op der N5 op 30 Stonnekilometer ze begrenzen an op verschiddene Platzen (z.B. Porte de Lamadelaine) rout Luuchten z'installéieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten